


INFORMATIOUN : Nei-Umeldungen fir den Eurojam 2020

DATUM : .08.07.2020

Moie léif Guiden a Scouten,

Hei deelen mir eng Informatioun déi d'ganz nei Umeldungen fir den Eurojam 2020 betrëfft.

- All déi Scouten a Guiden, déi schon ugemellt waren, bleiwen ugemellt.
- All Scouten a Guiden, déi nach net ugemellt waren, awer gären wëllen matgoen, gëllt dëst:





Mat Hëllef vun eisem Froebou hues du lo hoffentlech déi richteg Entscheedung getraff a mells dech schnell vir den Eurojam 2020 un. :-)

Genau... „2020“, den Numm ass bliwwen - mee den Camp fënnt duerch déi aktuell Situatioun réischt 2021 statt. Dowéinst hues du d’Chance dech nach eng Kéier fir des eenzegaarteg Erfahrung unzemellen.

Den Eurojam 2020 ass vum **02.08.2021 bis den 13.08.2021** zu Danzeg, Polen.

De Camp kascht em déi 900 € fir Participanten a Cheffen an em déi 430€ fir ISTen. Des Präisser kennen nach mat der Zuel u Participanten liicht variéieren.

D’Urees ass mam Bus an gött vum CMT (Contingent Management Team) vir Participanten a Cheffen organiséiert. Fir d’IST ass keen standardiséierten Transport virgesinn. Déi IST’en, déi dat wëllen, kréien een Transport organiséiert. Et gött awer och d’Méiglechkeet, datt si sech selwer organiséieren fir op de Camp ze kommen, domat wieren si méi flexibel.

Du muss dech bis den 15. Oktober umellen !

- **Vir d’Participanten an d’Chefs de Patrouille**

D’Umeldung, dat heescht d’Aschreiwung an d’Iwwerweisung, ginn iwwert äre lokalen FNEL oder LGS Grupp realiséiert, d.h. vun Ärer Kontaktperson - lokale Grupp. Et ass esou, datt um Camp a Polen Patrullen vun je *9 Participant’en an engem Chef* zesummegeallt ginn. Dëss sinn dann an enger Unitéit vun 4 Patrullen zesummegeallt.

Wann; et elo Guiden a Scouten ginn, déi wëllen matgoen, awer net eng ganz Patrull kënnen zesummegeallt, gött et d’Méiglechkeet enger anerer net voller Patrull mat Chef bäigesat ze ginn.

Mir behalen eis d’Recht, Participanten ze refuséieren, am Fall wou mer net genuch Cheffen hätten. Opgepasst, och wann dir iech eenzel aschreift leeft dëst nach ëmmer iwwert äre lokale Grupp. Äre Responsabel/Gruppenchef muss ärer Participatioun zoustëmmen. Mir kennen keng eenzel Aschreiwungen vun Elteren oder Participanten unhuelen.

Mir als Contingent halen den Kontakt mam Gruppenchef, respektiv mat der Kontaktperson vum Grupp. Vir d’Iwwerweisungen stellen mir de Gruppen Rechnungen aus an dës iwwerweisen eis dann den Total.

Alter ?

Participanten sollen während dem Jamboree **zwëschen 14 an 18 Joer aal sinn**.
Cheffen mussen **mindestens 18 Joer am Ufank vum Jamboree hunn**.





EUROPEAN
JAMBOREE 2020
POLSKA



ej2020.sil.lu



[ej2020lu](https://www.facebook.com/ej2020lu)



[ej2020lu](https://www.instagram.com/ej2020lu)

- **Vir d'IST**

D'ISTen mellen sech individuell an direkt beim CMT un (ej2020@sil.lu). Dëst gelt och vir d'Bezuelen. Den IST kritt d'Bank Donnéeë esou wei d'Referenz vir den Virement bei senger Aschreiwung.

Alter?

IST mussen **mindestens 18 Joer am Ufank vum Jamboree hunn.**

Bei weidere Froen kennt dir iech natierlech gären un eis wenden : ej2020@sil.lu

Léif Guiden- a Scoutsgréiss,

« *TIME TO ACT !* »

Äeren CMT,

Luxembourg Contingent - European Jamboree 2020

Scouting in Luxembourg